N°78
Entrée le 22.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch vir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 78 vum 1. Dezember 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

1. *Wéini war déi lescht Kontroll vum LNS? Fir wéini ass déi nächst virgesin?*

Déi lescht Kontroll vun den Kaliumiodid-Pëllen ass am Mee 2022 gemaach ginn; et goufe keng Opfällegkeete bei der Analyse festgestallt. Di nächst Kontroll ass fir 2025 virgesinn.

2. *A wéi engen Ofstänn kontrolléiert den LNS de Bestand?*

D'Kaliumiodid-Pëlle bestinn aus engem Salz, dat ënnert normale Stockagekonditiounen quasi onendlech haltbar ass. Bis elo si bei den Kontrollen keng Unzeeche vun Degradatioun festgestallt ginn. Opgrond vun der Stabilitéit vun de Pëllen, gi Kontrollen am 3-Joers Rhythmus duerchgefouert.

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2023

D'Ministesch vir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez